



SÉANCE 34

MARDI,
19 MAI 2015

Présidence: M. Mars Di Bartolomeo, Président • Mme Simone Beissel, Vice-Présidente

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. Communications
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
3. 6808 - Proposition de loi relative aux pratiques illicites eu égard aux documents de voyage ou d'identité et modifiant le Code pénal
 - Déclaration de recevabilité: M. Mars Di Bartolomeo, Président
4. Ordre du jour
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Ech maachen d'Sézung op. An d'Fro direkt un d'Regierung: Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Fernand Etgen**, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs.- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci. Ech huelen dann Akt dovun.

2. Communications

An ech wollt der Chamber eng Rei vu Kommunikatiounen maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamentareischen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Büro vun der Chamber deponéiert.

2) D'Lëscht vun deene Projeten, déi zénter der leschter Sëtzung hei ukomm sinn, ass un d'Fraktioune verdeelt ginn.

3) Op Ufro vun der Regierung ass de 5. Mee iwwer Arrêté grand-ducal de retrait de Projet de loi 6540 iwwert den Accès zu den Dokumenten an de Verwaltunge vum Rôle gestrach ginn a gétt ersat.

4) Dann ass d'Lëscht mat de Petitounen, déi sät der leschter Sëtzung deponéiert gi sinn, un d'Fraktioune verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 19 mai 2015

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi suivants ont été déposés à l'Administration parlementaire:

► **6810** - Projet de loi relative à une administration transparente et ouverte

Dépôt: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'Etat, le 05.05.2015

► **6811** - Projet de loi modifiant la loi du 4 décembre 2007 sur la réutilisation des informations du secteur public

Dépôt: M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'Etat, le 05.05.2015

► **6812** - Projet de loi portant approbation des Accords de sécurité entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et certains pays concernant l'échange et la protection réciproque des informations classifiées (Accords de sécurité avec l'Autriche 13.11.2014 et la Croatie 13.03.2014)

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05.05.2015

► **6813** - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Organisation Conjointe de Coopération en matière d'Armement (OCCAR) sur la protection des informations classifiées, fait à Luxembourg, le 6 janvier 2015

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 05.05.2015

6814 - Projet de loi relatif à la construction d'une école internationale à Differdange

Dépôt: M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, le 07.05.2015

► **6815** - Projet de loi relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions relatives à des mesures de contrôle en tant qu'alternative à la détention provisoire

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 08.05.2015

► **6816** - Projet de loi portant création d'un système de traçabilité des articles pyrotechniques

Dépôt: M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie, le 12.05.2015

► **6817** - Projet de loi portant approbation de la Convention pour la sauvegarde du patrimoine architectural de l'Europe ouverte à signature le 3 octobre 1985 à Grenade

Dépôt: Mme Maggy Nagel, Ministre de la Culture, le 13.05.2015

► **6819** - Projet de loi portant approbation de l'Accord sur le statut et les fonctions de la Commission internationale pour les personnes disparues, fait à Bruxelles, le 15 décembre 2014

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 18.05.2015

3) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 5 mai 2015 le projet de loi n°**6540** relative à l'accès des citoyens aux documents détenus par l'administration a été retiré du rôle des affaires de la Chambre des Députés en date du 5 mai 2015.

4) Les demandes de pétition publique et ordinaire suivantes ont été déposées:

Demande de pétition publique n°**505** - Fir d'Afierung vun engem dräisproochege Memorial

Dépôt: 30.04.2015 par M. Jeff Reiffers

Demande de pétition ordinaire n°**506** - Pétition contre l'insécurité au Luxembourg

Dépôt: 01.05.2015 par M. Pierre-Alain Horn

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 6808 - Proposition de loi relative aux pratiques illicites eu égard aux documents de voyage ou d'identité et modifiant le Code pénal

Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 13. Mee 2015 huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilität vun der Proposition de loi 6808, enger Ofännerung vum Code pénal am Beräich vun net zoulässege Benotzunge vu Reesdokumenter, ausgeschwat. Déi Proposition de loi gouf den 30. Abrëll vum Här Franz Fayot, der Madame Taina Bofferding an dem Här Marc Angel déposéiert.

Schléisst d'Chamber sech deem Vorschlag un?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

(La proposition de loi 6808 est renvoyée à la Commission juridique.)

4. Ordre du jour

Ech brauch lech dann net den Ordre du jour nach eng Kéier virzeliesen, wéi en deenen eenzeline Fraktiounen zougestallt ginn ass. Ech

5. Dépôt d'une proposition de loi par M. Paul-Henri Meyers

- M. Paul-Henri Meyers

6. Interpellation de Mme Martine Hansen au sujet de l'avenir de la politique agricole au Luxembourg

- Exposé: Mme Martine Hansen

- Débat: M. Gusty Graas Kox (intervention de Mme Martine Hansen), M. Frank Arndt,

M. Henri Kox (interventions de M. Aly Kaez et Mme Martine Hansen), M. Roy Reding,

M. David Wagner

- Prise de position du Gouvernement: M. Fernand Etgen, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et de la Protection des consommateurs (interventions de M. Gast Gibéryen, Mme Martine Hansen et M. Aly Kaez)

- Vote sur la motion 1 (rejetée)

Au banc du Gouvernement se trouve M. Fernand Etgen, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

wollt lech froen, ob Der mat der Propositioun vun der Presidentekonferenz fir den Ordre du jour vun deenen nächsten dräi Deeg averstane sidd.
(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

An ech hunn eng Wuertmeldung vum Här Paul-Henri Meyers fir den Dépôt vun enger Proposition de loi. Här Meyers, Dir hutt d'Wuert.

5. Dépôt d'une proposition de loi par M. Paul-Henri Meyers

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech hunn d'Eier, am Numm vun der CSV-Fraktiouen den Dépôt ze maache vun enger Proposition de loi iwwer eng Reform vum Conseil d'Etat. Ech kann lech déi dann iwwerginn.

► **6821** - Proposition de loi portant modification de la loi modifiée du 12 juillet 1996 portant réforme du Conseil d'Etat

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, Président.- Merci, Här Meyers. Ech ginn lech Akt vum Dépôt a ginn d'Propositioun direkt weider.

Mir géifen dann zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen, eng Interpellatioun vun der Madame Martine Hansen iwwert d'Zukunft vun eiser Agrarpolitik. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht an d'Madame Hansen huet direkt d'Wuert.

6. Interpellation de Mme Martine Hansen au sujet de l'avenir de la politique agricole au Luxembourg

Exposé

► **Mme Martine Hansen** (CSV), interpellatrice.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn dës Interpellatioun zur Landwirtschaft - hei direkt eng Klammer: mir wäerten de Wäibau haut net uschwätzten; och deen ass eis wichteg genuch, fir e separat ze behandelen -, mir hunn also dës Interpellatioun ugefrot, well d'lag an der Landwirtschaft am Moment alles aneschters wéi roseg ass. Neen, si ass, au contraire, ganz seriö an d'Stëmmung an der Landwirtschaft bei de Baueren ass deementsprechend.

Ech hunn e bësse gegoogelt mam Stéchwuert „Landwirtschaft“ an „2014“. Nieft offizielle Säite vu Verwaltungen, vu Vertriedungen, kommen dann Iwwerschrëfte wéi: „Et geet elo duer“, „Et geet ém eis Zukunft“, „Die Viehhaltung ist unverzichtbar“. Oder bei „2015“ kommen natierlech Artikelen iwwert d'Miellechquoten an d'GAP-Reform.

Dëst alles spigelt d'Situatioun gutt erëm. Et ass eng Onzefriddeheit bei de Baueren an et läit een immensen Drock op der Landwirtschaft. Op därf enger Säit en ekonomesch Drock an op därf anerer Säit e sozialen, verbonne mam Image, deen d'Landwirtschaft huet. An op béid Punkten huet d'Politik en Afloss a fir béid Punkte muss d'Politik hir Verantwortung huelen.

Ech wéll hei och direkt soen, datt ech net op dat aktuell Agrargesetz respektiv op de PDR wéll agoen. Ech wéll e puer prinzipiell Froen uschwätzten, déi misste kloer sinn, fir eng kohärent Agrarpolitik fir Lëtzebuerg ze definie-

ren. Ech wéll awer natierlech gäre wéessen, wéini datt mer d'Agrargesetz virgestallt kréien. No Aussoe vum Här Minister, ech zitéieren de Projet vum Procès-verbal vun der Kommissionssitzung vum 26. Februar, do steet dran: «L'objectif est désormais de pouvoir déposer le projet de loi concernant le renouvellement du soutien au développement rural, loi communément désignée „loi agraire“, fin mars.»

Enn Mäerz ass definitiv schonns eng Zäitchen eriwwer. Wéini soll d'Gesetz déposéiert ginn a wéini kréie mer et an der Kommission virgestallt? Et ass méi wéi dréngend.

Dir Dammen an Dir Hären, fir eng konsequent a kohärent Agrarpolitik kënnen ze maachen, muss d'Politik als Éischt emol Stellung huelen zur Fro, wéi eng Aufgaben d'Landwirtschaft hei zu Lëtzebuerg nach soll erfëllen. Ech drécken et emol e bëssen iwwerspëtz aus: Soll de Bauer Liewensmëttelproduzent sinn oder soll e just nach Landschaftsgärtner sinn?

Fir d'CSV, iwwregens och fir den Agrarkommissar Hogan, steet d'Liewensmëttelproduktioun, d'Produktioun vu gesonde Qualitätsprodukter nach émmer am Vierdergrond. Dat virun allem natierlech fir de régionale Maart, mä als een Deel vun Europa däerfe mer och net eis Verantwortung um Niveau vun der Welternährung vergiessen.

Donieft huet d'Landwirtschaft awer nach eng Rei vun ökologeschen Aufgaben ze erfëllen: d'Landschaftsfleeg an d'Landschaftsgestaltung, den Émweltschutz an d'Erhale vun eiser Landschaft an eiser Émwelt, de Waasserschutz an d'Drénkwaasserproduktioun a speziell den Erhalt vun eiser Kulturlandschaft. An an dësem spezielle Punkt sinn ech der Meenung, datt eng nohalteg Landwirtschaft de beschte Garant ass, datt eis Landschaft esou kann erhale ginn. Dat hunn ech och schonns bei den Diskussionen zum Plan sectoriel «Paysages» gesot.

Wann Der duerch de ländleche Raum fuert, da ka jiddweree sech dovunner iwwerzeegen, mir hunn eng schéi Landschaft, en ofwiesslungsräicht Landschaftsbild a keng Agrarsteppen, wéi een dat heiansdo vu verschidene Säiten emol héiert. Mir hu Wisen, dréchener a fliechter, Akerland mat ville verschidene Kulturen, Weeden, Bëscher, Hecken an esou weider. An duerfir muss d'Politik all Efforte maachen, fir de Bauereberuff ze férderen. Mir brauchen en.

► **Une voix**.- Très bien!

► **Mme Martine Hansen** (CSV), interpellatrice.- D'Landwirtschaft huet awer och nach eng Rei vu sozialen Aufgaben an eiser Gesellschaft ze erfëllen, énner anerem, och wann dat hei zu Lëtzebuerg vläicht keng esou grouss Bedeutung méi huet, Aarbechtsplazen. Nieft de Familljenaarbechtskräften hält d'Unzel vun de frieren Aarbechtskräften an der Landwirtschaft a leschter Zäit lafad zou. Am Moment sinn et der 900. An awer och am vir- an nogelagerte Beräich vun der Landwirtschaft gëtt et eng Partie Aarbechtsplazen, wat net ze vergiessen ass.

D'Landwirtschaft huet also ökologesch, ekonomesch a sozial Funktiounen ze erfëllen. An dëse sougenannter Nohaltekkeetsdräieck muss ausgeglach sinn, fir datt mer eng nohalteg Landwirtschaft kenne behalen. A fir dës Ausgeglacheneet ass erëm eemol d'Politik verantwortlech. Den Dräieck däerf net zu enger Säit ausschären.

A wann och dës Regierung gären en ausgeglachene Nohaltekkeetsdräieck hätt, wa si dës